

Projet de loi N°6555 relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff

Här President,

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Just ee Gebäi kéint ee soen, fir dat mer haut gréng Luut ginn....mee, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass KEE Gebäi wéi di aner - well et handelt sech ëm e Prisong an e Prisong baut ee nët all Dag!

Den Rapporteur Georges Engel - deen als Député-Maire vun der Gemeng Suessem, haut eigentlech haut 2 Kaapen op huet - huet eis deen wichtegen Projet op eng detailléiert Aart a Weis virgestallt - Merci him fir sein exzellenten schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Dofir beschränken ech mech op e puer Kommentaren, déi 1. den Kontext vum Projet an 2. de Bauprojet selwer uginn

1) Zum Kontext

- Dëse Gesetzesprojet ass jo agebett an eng global Reform vum Strofvollzuch an vun der Prisongsverwaltung déi ënnert der viirechter Regierung, méi genee ënnert der Fiederféierung vum deemolegen Justizminister François Biltgen op den Instanzenwee bruet ginn ass an vu sénger Nofolgerin der Madame Octavie Modert virugedriwwen gouf. Dës Reform gëtt mat dësem Bauprojet deelweis ëmgesat.
- De But vun dëser Reform ass
 - Éngerseits, e méi humanen an effizienten Strofvollzuch, deen an Aklang ass mat den internationalen Rechtsvirgaben, ënner anerem, der europäescher Mënscherechtskonventioun an der Recommendationen vum Conseil de l'Europe an
 - Aanererseits, d'Integratiounschanzen vun den "Hors-la-Loi" (Prisonéier) an eiser Gesellschaft ze verbessern.

Dës inhaltlechen Diskussiounen leien selbstverständlech an der Kompetenz vun der Justizkommissioun vun Chamber.

- Jiddefalls ass di konstant Iwerbeleeung vum Prisong zu Schraasseg schwéier mat deen elo just genannten Prinzipien ze vereenbaren a stellt ausserdem nët ze leugnend Sécherheetsproblemer, schwiereg Aarbechtsbedingungen fir d'Personal, déi trotz all deem fir Uerdnung an Disziplin mussen suergen.

Dofir ass et dringend, dass mer dem virleienden Gesetzesprojet gréng Luut ginn. Ech ënnertsträichen, dass et d'CSV Fraktioun war, déi insistéiert huet, dass en op den Ordre du jour vun der zoustänneger Kommissioun koum, wou en dunn zesummen mat der Justizkommissioun analyséiert gouf!

2) Zum Bauprojet selwer

1. Aspekt Den Bau vun engem neien Prisong fir Häftlingen an Ënnersichungshaft erlabt et éischtmoleg hei zu Lëtzebuerg veruurteelt Prisonnéier vun Prévenuën, déi also nach nët condemnéiert sinn a fir déi folglech d'Onscholdsvermutung gëllt, ze trennen.
2. Domat wärt den Prisong Uerschterhaff d'Kapazitéit vum aktuellen Prisong vun Schraasseg an vun der Anstalt vun Givenich ëm 400 Plazen erweideren fir eng global Kapazitéit vun circa 900 fir Erwuessener ze kommen. Den Prisong vu Schraasseg wärt domat ëm praktesch d'Halschent vun séngen Prisonnéier erliichtert ginn. Vum gesamten Personalbestand, dee bei ronn 800 wärt leien, sinn der ëm di 300 (fiche financière vum PL 6382 Reform Prisongsverwaltung) fir den Ueschterhaff virgesinn, niewt den 60 Polizisten vun der Unité de garde et de réserve mobile (UGRM), déi an engem Niewengebäi affektéiert sinn an déi jo mam Transport vun Prisonnéier beoptragt sinn.
3. D'Fonkctionnalitéiten vun dem virleienden Bauprojet, fir deen ech den virechten Nohaltegkeets- an Infrastrukturenminister Claude Wiseler a séng Mataarbechter felicitéieren, ginn deenen héigen Uspréch vun engem modernen Prisongswiesen gerecht.

Si erfëllen nët nëmmen di néideg Sécherheetsbedingungen bannen a baussen vun der Enceinte, mee erméiglechen och, dass

- éngerseits d'Liewen an d'Behandlung vun den Prévenuën während hirem, wann och éischer kuerzen, Openthalt ënner mënschenwürdegen Konditiounen oflaafen an an engem gudden Klima stattfannen,
Esou gëtt z.B. dervir gesuergt gëtt, dass dat gutt forméiert Personal keng Waffen dréit, dass esouwuel d'Gemeinschaftsräim wéi Zëmmeren eng komfortabel Gréisst hunn an och behënnertegerecht sinn, dass d'Prisonnéier kënnen Activitéiten hunn, dass d'Visiten vun der Famill an de Kanner a würdegen Verhältnisser méiglech ginn.
- Aanerseits ass och eng optimal Viirbereedung vun der Entloosung vum Prisonnéier ginn

Et ass kloer, dass de Bau demno fir Prisonnéier an Ënnersichungshaft konzipéiert ass a just an Ausnahmefäll fir verurteelt Prisonéier soll benotzt ginn oder als Iwerganksléisung während den Ëmbauaarbaechten vum Prisong zu Schraasseg, wat eng besonnesch Erausforderung fir den Justizminister wäert ginn...

4. Bleiwt natiirlech e Wuert ze soen zum Site vum Uerschterhaff niewt der WSA, dee wéi bekanntlech all Site hei am Land séng Viirgeschicht huet
 - D'Demande vun der Regierung am Joer 2007 fir dee neien Prisong fir Häftlingen an Ënnersichungshaft an d'Gemeng Suessem ze bauen, huet fir hell Opreegung bei den Suessemer Bierger gesuergt.
 - Eng parteiübergreifend Delegatioun vum Gemengerot (DMA , Délégation Maison d'Arrêt) huet sech demno mat der geneeër Analyse vun allen Aspekter vum Dossier befaasst, och mat alternativen Siten.
 - Den Suessemer Gemengerot huet dunn an enger unanimen Motioun den 28. Abrëll 2008 dem Projet seim prinzipieller Accord ginn, opgrond vun der Zouso vun der Regierung, dass esou mann wéi méiglech Mouvementer giffen stattfannen an Zesammenhang mat den d'Gefaangenentransporter .
 - Weider goufen folgend Bedingungen gestallt:
 - 1) dass den Projet an deenen ugekënnegten Dimensiounen gebaut gëtt an dass et deen eenzeggen staatlechen Projet soll op déer Plaz sinn,
 - 2) dass den Buergermeeschter dann eréischt d'Baugenehmigung soll ginn wann:

a.éngerseits - d'Machbarkeetstudien vum Projet an d'Viirstudien zum Bau ofgeschloss wieren an den Accord vun der Gemeng kréichen

b.aanererseits, wéinst dem méi héigen Trafickopkommes, d'Upassungs-Aarbechten vum Stroossenetz mat engem neien Accès zum Site schon faerdeg, ugefaangen oder an der Planung verbindlech weit fortgeschratt wieren

- 3) dass d'Architektur vum Gebäi sech esthetesch an den Terrain afüge soll
- 4) dass eng Rei Kompensatiounen vum Staat d'Gemeng Suessem soll entschiedegen fir d'Nuisancen ze kompenséieren, déi de Projet matt séch bréngt
- 5) dass e Verrieder vun der Gemeng kéint den Suivi vum Projet begleeden.

- Dass d'Virgaben wat d'Dimensioun an d'Architektur vum Gebäi uginn, hei respektéiert sinn, schingt kloer.
- Fir d'CSV ass et korrekt, dass eng Gemeng, déi bereet ass an engem Solidaritéitsgeeschten nationalen Projet opzehuelen dee gewëssen Onannehmlechkeeten mat sech bréngt, eng Rei Kompensatiounen kritt - dat war och schon an der Vergaangenheet bei aneren Projeten de Fall.

Den Här Nohaltegkeets- an Infrastrukturenminister huet jo dann och an der zoustänneger Chamberskommissioun bestätegt, dass di nei Regierung d'Engagementer vun der viirechter Regierung giff anhalen, an zwar folgend:

D'Gemeng Suessem soll verschidden öffentlech Gebäier mat engem méi héigen staatlechen Taux subventionnéiert kréien grad esou wéi en Droit de superficie vun 3ha fir d'Implantatioun vun engem Logistikzenter fir den Centre Hospitalier Emile Mayrisch an d'Zithaklinik.

Domat wier déi Konditioun also och erfëllt, wat d'CSV begréisst.

- Waat allerdéngs d'Konditiounen ubelaangt, déi mat der Baugenehmegung vum Buergermeeschter zesummen hänken, besteet nach Klärungsbedarf:

1. Meng 1. Fro un den Här Minister:

Wéi verleeft dat elo KONKRET mat den diversen Etuden zum Bau? Wéini gëtt wat gemaach?

2. Méng 2. Fro betrëfft d'Problemer vum Trafick

Di ronn 300 Leit Personal an d'Police + d'Visiteuren fir 400 Häftlingen bréngen vill Verkéier op de Site an d'Gefaangenen-Transporter, déi realisteschweis nët ausbleiwen, bedingen niewt Sécherheetsproblemer an héigem Käschtepunkt och vill Va-et-vient.

- Wéi geseit dann elo de Planning an Timing vun Ponts et Chaussées aus fir d'Stroosseninfrastrukturen an de Bau vun der neier Verbindungsstrooss, déi jo soll eng Verlängerung sinn vun der Pénétrante vum Echangeur Gadderscheier erfirt iwert den CR 110 bis an d'Lampecher Strooss zu Zolwer, zousätzlech engem Busarrêt? Dës Onkäschten sinn jo en plus nët am virleienden Gesetzesprojet virgesinn.
- Huet den Här Minister séch verséichert, dass en d'Baugenehmegung vum Buergermeeschter kritt, onofhängeg dovun ob Gefaangentransporter musse gemaach ginn oder ob d'Auditiounen vun de Prisonéier vun den Untersuchungsriichter sur place respektiv iwer Videokonferenz duerchgefouert ginn oder ob d'Chambre du conseil sur place siégéiert oder nët?

D'"Séparation des Pouvoirs" bedingt nämlech, dass een de Magistraten keng Viirgaben kann imposéieren....

D'Baugenehmegung ass awer nët di eenzeg administrativ a prozedural Hürd , déi muss geholl ginn:

- d'Ëmklasséierung vum Terrain deen de Moment eng Gréngzon ass, kann eréischt nom Vote vun haut virgeholl ginn. Den Här Minister huet virgeschloen dat nët iwert de Wee vun engem POS, also en Plan d'occupation du sol staatlecherseits, ze maachen, mee, vu den Accord de principe vun Gemeng Suessem, dem Gemengrot z'iwerlossen dës punktuell Ännerung vum allgemengen Bebauungsplang, dem PAG, vun der Gemeng an d'Wee ze leeden.

Dofir eng weider Fro un den Här Minister: Hutt Dir Iech do verséichert a wéi engem Délai dat kann stattfannen?

Doriwer eraus stinn nach

Commodo/Incommodo Prozedur an d'Permission de voirie aus.

Kann den Accord vum Ëmweltministère an engem raisonnablen Délai virleien?

Et leit an Ärer Verantwortung, Här Minister, dass dëst alles op eng koordinéiert Aart a Weis ofleeft fir dass de Prisong ouni Verzögerungen kann gebaut ginn.

Dofir meng lescht Fro un Iech: Wéini gedenkt der mat dem eigentlechen Bau kënnen unzufänken?

Sinn an der geschätzter 3 jähreger Bauzeit di ganz Genehmegungsprozeduren mat agerechent oder nët?

Fir d'CSV ass et jiddefalls wichteg a richtig, dass wann hei eng Gemeng parteiübergreifend en Zeechen sétzt, dass de Prinzip vun der Solidaritéit spillt, wann et drëms geet, Verantwortung z'iwerhuelen fir en nationalen Problem, - dat ass jo nach laang nët iwerall an fir all Dossier de Fall – wann dat esou ass, da sollen d'Awunner aus deër Gemeng och esou mann wéi méiglech zu Schued kommen an et sollen esou mann wéi méiglech Onannehmlechkeeten fir si sollen entstoen.

Här President, di ronn 155 Mio € an di nët onerhieflech Folgekäschten sinn néidegt a gutt investéiert Geld fir e seriösen Gesellschaftsproblem esou gutt wéi méiglech a besser ze géréieren.

Ech ginn heimatt den Accord vun der CSV Fraktioun zu dësem, an hiren Aen, dringenden Projet de loi.

Sylvie Andrich-Duval

Deputéiert